




Och dëst Joer ass den Flyfishing Club aus Lëtzebuerg am November op de Weier vun la Strange op Hompré an déi belsch Ardennen gefuer fir seng Sortie du Jambonneau ze celibréieren. Doheem waren mir nach am décken Niwwel fortgefuer mee wat mir méi héich an d´Ardennen komm sinn wat d´Wieder ëmmer besser ginn ass an et sollt den ganzen Dag iwwer dat schéinsten Hierschtwieder bleiwen. Mir haten, ewéi déi lescht Joren schonns, den Weier fir den Club gelount a konnten esou ganz entspaant eis Sortie erliewen an wat soll ech soen, dës Kéier sinn och nach vill Fësch gefaangen ginn, wat wëlls De dann méi ...... woubäi mir beim Jambonneau wären! Natierlech ass eis Sortie op la Strange den kulinareschen Héichpunkt vum Joer an och dëst Joer waren d´Haxen net ze kléng ausgefall esou dass mir erëm voll op eis Käschten komm sinn. Keen vun de Fëscher huet sech laang fléiwen gelooss an esou ass eist Mëttegiessen alt nees ee bëssen méi laang ausgefall an de Gros vun eisen Memberen haten och nach no méi laang eng Verlängerung mee schlussendlech waren awer erëm all d´Fëscher beim Waasser an hunn fléisseg déi ugesammelt Kalorien erëm verschafft. Moies ewéi ech ukomm war an mech op den Tour ronderëm de Weier gemaach hunn do war nach den Niwwel um Waasser an et war och nach frësch mee Mëttes war et richteg gutt ginn esou dass Een schonn bal ouni Jacket konnt fëschen.









Knapps ukomm do hunn ech schonn den Patrick gesinn een Fësch drillen, et sinn och dës Kéier ganz schéin Forellen gefaangen ginn. Ech hat schonn Moies ewéi ech aus dem Auto geklommen sinn den Sedat gesinn deen am gaangen war seng Staangen opzeriichten an mir dobäi erkläert

huet dass Hien sech verschidden nei Schéier kaaf hätt an Dës testen wéilt, och deen aneren Patrick deen ewéi ëmmer säin treien véierbeenegen Begleeder dobäi hat huet mit verzielt dass Hien sech nei équipéiert hätt an huet mit direkt gewissen ewéi wäit Hien mat senger neier Schnouer erauskomm ass.



















Mëttes nom Iessen huet den Jemp direkt lass geluecht ewéi een Weltmeeschter, de Patrick hat Him verroden dass Hien Moies esou gutt mat senger S 3 Sinkschnouer gefaangen hat an dunn huet den Jemp Mëttes och domat gefëscht an hat eng Stilwater Nymph déi Hien lues eran gestreppt huet, dat sollt fir een Moment genee déi richteg Taktik sinn an esou konnt Hien ee puer schéin Forellen no eneen fänken. Eis aner Fëscher hunn ee Mëttes méi lues ugoen gelooss an hunn sech nom Iessen nach zousätzlech déi eng oder aner Zigar gegënnt an géint een gudden Whisky hat och Keen eppes mee schlussendlech hunn Sie dunn gutt gesiedegt an top motivéiert och de Wee erëm bei d´Waasser fonnt an hunn et nach eng Kéi opgeholl mat deenen schéinen Forellen.








Mir haten ofschléissend eng wonnerschéin Sortie bei déier et eis un guer Näischt gefeelt huet, elo schléissen mir eis Saison den 10. Dezember zu Sommedieue of wou mir och den Site fir den Club reservéiert hunn an wou mir hoffentlech een genee esou schéinen Ofschloss erliewen kënnen.